ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

**N° 4293**
Reçue le 17.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.05.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4001 vum 1. Abrëll schreift den Här Bausseminister op meng Fro, wéivill Leit aus de Staaten Irak, Iran, Libyen, Senegal, Somalia, Mali, Gambia, Kamerun, Republik Kongo, Ägypten, Eritrea, Äthiopien a Guinea-Bissau sech aktuell trotz enger ofgelafener Openthaltsgeneemegung op eisem nationalen Territoire ophalen: "*Wei vill Persounen aus deene genannte Länner sech am Land ophale kann net erfaasst ginn. Dest, engersäits, well Persounen Lëtzebuerg verloossen ouni den Autoritéite Bescheed ze soen, an anerersäits, Persoune sech zu Lëtzebuerg ophalen ouni sech bei den Autoritéiten ze mellen*". Den Här Minister constatéiert also domat och een Aspekt vum Problem vun der illegaler Immigratioun.

Dowéinst géif ech der Regierung nach gär des Froe stellen:

1) Verfüügt d'Regierung iwwer Schätzunge, wéivill Leit sech aktuell illegal zu Lëtzebuerg ophalen? Op wéi enge Krittäre berouen des Schätzungen?
2) Wéi ass séchergestallt, datt Leit, déi legal am Land woren an d'Land verloossen ouni den Autoritéite Bescheed ze soe, net nach weider Sozialleeschtunge bezéien?
3) Wien sech illegal zu Lëtzebuerg ophält, kann zwangsleefeg net vu Sozialleeschtunge profitéieren a muss säi Revenu op eng aner Manéier generéieren. Wéi héich war 2019 an 2020 den Undeel vu Leit, déi sech illegal zu Lëtzebuerg opgehal hunn, bei deene festgestallte Fäll vu Schwaarzaarbecht? Wéi héich war hiren Undeel 2019 an 2020 bei de Verurteelunge wéinst Gewaltdelikter, bei Abrochskriminalitéit a bei Drogekriminalitéit?
4) Ginn déi Leit, déi sech illegal zu Lëtzebuerg ophalen an zu enger Prisongsstrof verurteelt ginn, och nom Verbéisse vun hirer Strof automatesch sou laang festgehale, bis si kënnen ausgewise ginn? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 4293
Reçue le 15.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 15 juin 2021

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, la réponse commune des Ministres impliqués à la question parlementaire n° 4293 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister an der Madamm Justizminister op d'parlamentaresch Ufro 4293 vum 17. Mee 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

1) D'Ministere verweisen op d'Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 2897 vum 24. September 2020.

2) D'Konditioune fir déi verschidde Sozialleeschtungen an d'Kontrollméiglechkeete sinn an de jeeweilege Gesetzer festgeluecht.

   Ausserdeem gesäit dat ofgeännert Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert de Register vun de physesche Persoune speziell nach weider Kontrollméiglechkeete fir wann Zweifel bestinn dass eng Persoun effektiv op enger deklaréierter Adress wunnt. Den Immigratiounsminister kann ebenfalls d'Police froen eng Enquête ze maache fir ze kontrolléieren op d'Conditioune vun der Entrée an dem Séjour zu Lëtzebuerg nach ëmmer erfëllt sinn.

3) 2019 respektiv 2020 sinn 5.682 an 12.728 Kontrolle vun der Gewerbeinspektioun gemaach ginn. Dobäi ass festgestallt ginn, dass 68 respektiv 45 Drëttstaatler an engem irreguläre Séjour zu Lëtzebuerg waren an doduerch net erlaabt waren ze schaffen. 2019 sinn dowéinst 222.500€ an 2020 175.000€ un Amenden un Employeure gesprach ginn déi een Drëttstaatler an engem irreguläre Séjour beschäftegt hunn.

   Wéi héich den Undeel 2019-2020 bei de Veruerteelunge wéinst Gewaltdelikter, bei Abrochskriminalitéit a bei Drogenkriminalitéit war vu Leit, déi sech illegal zu Lëtzebuerg opgehal hunn, ass net méiglech erauszefanne, well saitens Justizautoritéite keng Zuelen disponibel sinn.

4) Persounen déi virun hirer Prisongsstrof en séjour irrégulier zu Lëtzebuerg waren an och no hirer Entloossung aus dem Prisong keen Urecht op en Openthaltstitel hunn, mussen d'Land verloossen an kënnen an dem Contexte am Centre de Rétention festgehale ginn, soulaang déi gesetzlech Conditiounen erfëllt sinn.

   An dësem Kontext ass ugemierkt, dass Persounen deenen hieren legale Séjour wärend hirer Prisongsstrof ofleeft, no hirer Entloossung nees eng Demande op en neien Openthaltstitel kenne maachen. Dëse gëtt awer net automatesch accordéiert, mee et gëtt am Eenzelfall iwwerpréift op d'Persoun eng Gefor fir den ëffentlechen Uerder oder déi ëffentlech Sécherheet duerstellt.

   Et ginn och Länner wou et keng Perspektiv gëtt fir eng Persoun heemzeféieren. Vu dass awer op Basis vum Immigratiounsgesetz esou eng Perspektiv muss bestoe fir eng Persoun kennen en Rétention ze sëtzen, kennen dës Persounen no hirer Entloossung net an de Centre de Rétention placéiert ginn.